N°8017
Entrée le 22.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.05.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/05/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Mir hunn an der Vergaangenheet schonn eng Rei Froen zum Dossier de Soins partagés (DSP) vun der Agence eSanté gestallt. Aus der Äntwert op meng Fro n° 7583 geet ervir, dass just e relativ klenge Prozentsaz vun den Assuréeën hei am Land hiren DSP wierklech notzen. Fir dass en Dokter (ausserhalb vum Spidol) op den DSP zougräife kann, muss den Assuré dësen als Personne de confiance am Dossier hannerleeën. Et gouf un eis eru gedroen, dass déi geréng Notzungszuele verschidde Grënn hätt, dorënner och, dass vill Doktere vun de Notzer vum DSP eben net als Personne de confiance hannerluecht ginn an deementspriechend guer keen Accès op den Dossier kréien an wichteg Informatiounen iwwert aner Weeër mussen ufroen an hannerleën.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. A wéi vill DSPen ass keng eenzeg Personne de confiance hannerluecht?
2. Wéi hunn d'Zuele vun den hannerluechten Personnes de confiance bei den DSPen zënter hirer Aféierung evoluéiert? Kann d'Ministesch mir d'Zuelen a Form vun engem Tableau an engem Histogramm presentéieren?
3. Wéi vill Personnes de confiance sinn an der Moyenne an engem Dossier hannerluecht?
4. Wéi vill Dokumenter sinn an der Moyenne an engem Dossier hannerluecht?
5. Wéi vill Dokumenter sinn an der Moyenne an Dossieren hannerluecht, op déi iwwerhaapt keen Dokter Accès huet, well an den Dossiere guer keng Personne de confiance hannerluecht ginn ass?
6. Wéi vill Prozent vun den hannerluechten Dokumenter an den DSPen stamen entweder aus Laboratoiren oder aus Spidolsservicer?
7. Wéi vill Doktere kënnen net als Personne de confiance am DSP dobäigesat ginn, well se net an der Lëscht sinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten